



Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, a vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns – a Medieminister, op d'parlamentaresch Ufro n° 5526 vum 20. Januar 2022 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen

Den Debat iwwert d'Stéierung vun den Altimeter vun de Fligere ass an der Haaptsach en amerikaneschen Debat, well an den USA d'Andeelung an d'Notzung vum Frequenzspektrum anescht gereegelt ass wéi an Europa. Sou leien zu Lëtzebuerg d'Frequenzen, déi fir de 5G Ausbau virgesi sinn, wesentlech méi déif wéi an den USA. D'Lizenzen, déi 2020 u véier mobil Operateure vergi goufen, situéiere sech all ënner 3750 MHz an hunn domat e grouse Protektiouns-Ofstand zu de Frequenze vun den Altimeter déi tëscht 4200 a 4400 MHz schaffen.

Aktuell ass der Regierung keng relevant international Etude bekannt (z.B. vun der CEPT/ECC), déi de Stéierpotential vun de Mobilfunk-Basisstatiounen an Europa op d'Altimeter géif confirméieren.

Laut den Informatiounen déi der Direction de l'aviation civile (DAC) virleien, konnt weder zu Lëtzebuerg nach soss an Europa eng geféierlech Interferenz tëscht 5G an den Altimeter an de Fligere constatéiert ginn. De Fluchbetrieb zu Lëtzebuerg ass also net duerch den Opbau vun der 5G Netzer beanträchtegt an et ginn och keng Aschränkunge, wat den Ausbau vu 5G am 3600 MHz Beräich ubelaangt.

D'DAC wäert awer och weiderhin d'Interferenz-Situatioun tëscht 5G an den Altimeter op nationalem Niveau iwwerwaachen, grad wéi den ILR, deen dësen Dossier a besonnesch d'Kompatibilités-Etudé vun de kompetenten europäeschen Organisatiounen an Autoritéiten am Kader vu senge Missiounen enk suivéiert.

Den Impakt op d'Operatiounen vun der Cargolux vum Deploiement vun de 5G-Antenne ronderëm Flughäfen an den USA ass fir den Ament marginal, well d'Aktivéierung vun dësen Antennen temporär bis den 28. Februar reportéiert ginn ass.

Et ass fir den Ament net gewosst, wéi eng Flughäfen an/oder Landepisten impaktéiert ginn nom 28. Februar 2022, mee sollt keng definitiv Solutioun fonnt ginn tëschent Boeing, der Federal Aviation Administration (FAA) an dem amerikaneschen Telecomprovider, da géif dat d'Operatiounen vu Cargolux an de Vereenegte Staaten massiv affektéieren. Et kann een dann dovun ausgoen, dass d'Majoritéit vun den Operatiounen mat de Cargolux Boeing 747-8F misst annulléiert ginn, a Boeing 747-400F Operatiounen wiere betraff am Fall vu Wiederrestriktiounen (z.B. bei schlechte Siichtkonditiounen).

Fir de Moment sinn déi eventuell Restriktiounen nach net bekannt, a Boeing an d'FAA sinn nach amgang mat hire Sécherheitsanalyse vum 5G-Deploiement ronderëm d'Flughäfen an den USA. Cargolux steet an enkem Kontakt mat deenen zwee, fir all Eventualitéite kënnen z'antizipéieren.

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch